N°7722
Entrée le 07.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Ufanks Mäerz huet d'Online-Plattform reporter.lu iwwert Mëssstänn bei dem mat mindestens 21 Milliounen Euro subventionéierte Science Center geschriwwen. Dës Mëssstänn goufe vun direkt e puer Quellen ervirbruecht an och un eis si Persounen erugetrueden déi, zumindest Deeler, aus dëse Revelatioune confirméiert hunn. Rieds geet vu Verstéiss géint d'Néierloossungsrecht, opaque Finanzstrukturen déi un d'Konstrukt vun der Superdreckskëscht erënneren an e Gérant, dee Suen hin an hir réckelt, wéi et e grad arrangéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Ministère confirméieren, datt Patenter, déi am Kader vum Science Center erschafe goufen, exklusiv bei dëser ASBL leien?
    - Falls nee, wéi eng Patenter ginn et a wien hält dës?
    - Falls nee, goufen et Paiementer tëscht dem Veräin an enger Firma (z.B. GGM 11 oder IP Finance II) fir dës Patenter? Eventuell och indirekt bei den Akafspräisser?
    - Falls jo, goufen dës Patenter remuneréiert wann z.B. GGM 11 dës genotzt huet, fir eppes ze bauen oder ëmzesetzen?

2. Kann de Ministère versécheren, datt et keng intern Dokumenter vun deem Veräi gëtt, deen sech quasi exklusiv duerch staatlech Subventiounen um Liewen hält, deen eng eenzeg Privatfirma strukturell bevirdeelegt?

3. Gouf dem Ministère d'Offer gemaach fir d'Firma GGM 11 S.à r.l. opzekafen? Wa jo, zu wéi engem Präis?

4. Ass et fir e Gérant vun enger gemengnëtzeger ASBL ubruecht, fir generéis Speserechnungen unzeheefen an dës vun engem Fournisseur vun dëser ASBL bezuelen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7722 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) ka confirméieren, datt bei den Experimentéierstatiounen, déi d'Asbl Luxembourg Science Center (LSC) iwwer den Educatiounsministère finanzéiert kritt huet, d'Konzeptioun an den Developpement integréierte Bestanddeel waren. Domadder leien d'intellektuell Proprietéit an d'Notzungsrechter fir déi Statioune beim LSC.

Op Nofro krut de MENJE an enger Reunioun Enn November 2022 vum Verwaltungsrot vum LSC verséchert, datt d'Rechter vun der Propriété intellectuelle beim LSC géife leien.

**Ad 2)**

De MENJE kann dëst net versécheren, well et eng Decisioun vum Verwaltungsrot vun der Asbl ass, u wien d'Asbl sech strukturell oder laangfristeg bënnt. De MENJE huet awer zanter September 2022 kloer gemaach, datt esou eng strukturell Ofhängegkeet vun enger kommerzieller Struktur riskéiert, d'Entwécklung vum LSC ze gefäerden, an zu enger Ontransparenz um Niveau vun der Gouvernance féiert. Aus dëse Grënn fuerdert de MENJE eng aner Form vu Gouvernance, déi dës Risiken evitéiert.

**Ad 3)**

De MENJE huet bis elo keng esou eng Offer gemaach kritt.

**Ad 4)**

D'Frais de mission, déi de MENJE beim LSC iwwerholl huet, louchen all Joer bei nëmme ronn 10.000 Euro. D'Virwërf, déi an der Press erhuewe goufen, kann de MENJE weeder confirméieren nach dementéieren. De Rapport vun der IGF soll Kloerheet doriwwer bréngen, wéi d'Finanzflëss tëscht der Asbl an der Societéit waren. Wéi schonn ënner dem Punkt 2) beschriwwen, ass d'Positioun vum MENJE awer, datt eng strukturell Ofhängegkeet vum LSC par rapport zu enger kommerzieller Societéit net acceptabel ass.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH